

“F.L.M.”  
Fédération  
Luxembourgeoise de  
Motor-homes  
a.s.b.l. R.C. F252  
B.P. 42  
L-3901 Mondercange  
[www.flm.lu](http://www.flm.lu)



A. C. L.  
Automobile Club du Luxembourg  
Monsieur Yves Wagner  
Président  
54, Route de Longwy  
L-8080 Luxembourg

Mondercange, le 14 Juni 2017

**COPIE**

Här Wagner,

Mir am Comité vun der Fédération Luxembourgeoise hun ons seit geraumer Zeit beschäftigt mat all den neien Gesetzer an Reglementer dei op ons zoukommen oder schon a Kraft sin.

Dat sin ener anerem folgend Neiegketen:

1. Den neien Mautsystem den ons deitsch Noperen anfeiren wöllen ass an onsen Aaen net korrekt, ass diskriminatoresch geint all aner Strossenbenotzer aus dem Ausland.
2. Mir sin och nët anverstanen dat permanent nei an aner Vignetten erauskommen die mir an ons Glace am Camper peschen müssen fir iwer verschidden Grenzen ze fueren. Ons Glace vum Camper ass keng Reklam- an Ausstellungs Fenster die ons t'Sicht op Stross verhönnert. Mir sin fir en System dat all Strossenbenotzer automatesch enregistreiert an domat den freien Wee an Europa ongehönnert erlabt.
3. Et ass en richtigen Skandal wie Chaufferen die en Dieselgefier steiren drangsaleiert gin, dorennen geheiren jo bekanntlech och Motorhomes. Et göt leider nach keen aneren Brennstoff den esou en Gefier fueren leisst. Mir hun ons Reklamatiounen an der Haptversammlung vun onser internationalen Fédération virbruecht an göt och do weiderbehandelt. Dem Här Bausch hun mir ebenfalls ons Doléancen ennerbred.

Ons Membren sin och majoritär Membren am ACL an dofir sin mir och der Meenung dat Dir ons och ennerstetzen sollt an den verschiddenen Doléancen.

Vun engem Member aus onser Association hun mir matgedeelt krut dat den ACL seng Allgemenggeschäftsbedingungen geännert huet. Dat huet hien vum ACL-Büreau, Ennerschreft Mfg. Konfirmeiert krut. Et hesch doran enneranerem laut Texte:

*« Le rapatriement des caravanes et remorques est accordé dans les mêmes conditions. Sont exclus les véhicules d'une masse maximale autorisée dépassant 3,5 tonnes et ceux dont la longueur dépasse 6 mètres ou la hauteur 3 mètres. »*

- Domat sin all Motorhomes betraff. Et ass kloer dat nun ons (och Aer) Memberen die esou en Gefier hun an Angst hun wann hinnen eppes am Ausland passeiert (dans les mêmes conditions?).
- Ons Fro un lech ass folgend:
  - *Mat weenger „assistance“ vun Seiten ACL kann en Motorhomist rechnen dem eppes am Ausland passeiert: ob technesch Problemer oder am schlechtesten Fall wann den Motorhome muss hembruecht gin?*
  - *Hien huet wie jidderen Automobilist seng Memberskart mat der Nummer vum ACL bei sech.*
  - *Wei gët sein Höllefsruf behandelt?*

Här Wagner mir erwarden vun lech eng eierlech Stellungnahm zou dem besonneschen Thema.

An der Zeitung konnt en liesen dat den ACL seng Joresmitgliedsversammlung hat. Mir sin och eng a.s.b.l. an do ass all Member berechtigt un der Joreshauptversammlung deelzehuelen. Hien ass Member an och en „associé“.

Mir fannen et komesch dat do nemmen eng Handvoll Persounen deelgehol hun an am Num (ouni Procuration) vun allen an fier jidderen alles décideiert hun. Wei kann dat meiglech sin?

Och dës Froen interesseiren ons an mir sin gespant op Aer Erklärungen.

Als beobtragten Member vun onsem Comité scheken ech lech dëst Schreiwes an mir erwarden vun lech eng Aentwert op ons Froen. Well dat Problemer sin die all ons Memberen betreffen an dorun interesseiert sin werten mir onsen Memberen dat matdeelen.

Ech soen lech am Viraus villmols Merci fir Aer Aentwert an scheken lech ons beschten Greiss.

Et greisst lech am Num vun den Comitésmembren

Lucien Blasen  
Sekretär

